



Réponse du Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, et du Ministre des Affaires intérieures, Léon Gloden, à la question parlementaire n°755 du 17 mai 2024 des honorables députés Marc Goergen et Ben Polidori au sujet de la production et de la consommation d'énergie des communes

Lëtzebuerg war, den Zuele vum ILR no, am Joer 2023 zu 77,7% vun Energieimporter ofhängeg.¹

D'Gemenge spillen eng wichteg Roll an der Energietransioun a kënnen zum Beispill, esou wéi verschiddener et haut scho maachen, Projete fir Wandenergie a Solarenergie op hirem Territoire ustoussen. De Potential an d'Ausgangslag si fir all Gemeng anescht, zum Beispill gëtt et bei verschiddene Gemengen tendenziell méi Potential fir Wandkraaft a Fotovoltaik.

D'Donnéen aus dem Klimapakt² weisen, dass am Duerchschnitt d'Gemengen de Wärmebedarf vun de kommunalen Infrastrukturen zu 25% iwwer erneierbar Energien ofdecken. Et ginn och Gemengen déi dat schonn zu 100% maachen.

National gesinn gëtt aktuell scho méi Strom op Basis vun erneierbaren Energie produzéiert wéi d'Haushalter es insgesamt consomméieren. Consideréiert een de Stromverbrauch vum professionnelle Secteur an der Industrie, da sinn 2023 ronn 26%¹ vum Strombedarf vun dese Secteuren national duerch erneierbar Energien produzéiert ginn.

Et ass wichteg, dass all Gemeng eng Energieplanung mécht, also zousätzlecht Potential identifizéiert a kuckt wéi vill Potential scho genotzt gëtt. Dës Approche gëtt am Kader vum Klimapakt mat Outilen wéi dem nationale Solarkadaster oder dem Wärmekadaster ënnerstëtzt.

Luxembourg, le 21/06/2024
Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme
(s.) Lex Delles

¹ <https://assets.ilr.lu/energie/Documents/ILRLU-1685561960-1222.pdf>

² Donnéeën vum Stromnetzbedriewer betreffend Stromverbrauch a Stromproduktioun